Hobbykënschtler Lëtzebuerg a.s.b.l.

Siège social: Walferdange

Walfer, 04.02.2023

Aktive Kreativmaart zu Reimberg/Remmerig 16.07.2023

Léiwen Hobbykënschtler,

Zesumme mat „Dauler Atelier asbl“ an der Gemeng Préizerdaul organiséieren „Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl“ de 16. Juli déi éischt Editioun vum Kreativmaart zu Reimberg.

Hei steet wéi de Numm et schonns verréit, d'Kreativitéit op éischter Plaz.

D'Hobbykënschtler, déi bei dësem Maart matmaachen, stellen net einfach nëmmen hier Konscht aus, se weisen och op der Plaz wéi se erschaf gëtt.

Detailer vum Maart:

- De Maart ass vun 11:00 bis 19:00 Auer.
- Den Aussteller muss säin Hobby virféieren.
- De Stand vun dem Aussteller ass zu minimum 50 % fir ze schaffen an zu maximum 50% fir auszestellen (nëmmen ausstellen ass net erlaabt).
- Den Aussteller kann och gäre Workshops fir d'Besicher ubidden. Den Aussteller decidéiert de Präis vum Workshop.
- All Aussteller, dee matmécht kritt 50 EUR fir seng Aarbecht op der Plaz
- Dëscher a Bänken (Béiergarnitur) kënne geléint ginn (10 EUR /Dësch an 2 EUR/Bänk).
- D'Kautioun fir de Stand ass 50,00 EUR, d'Standgeld ass 20,00 EUR.
- An engem groussen Zelt vu 6 x 12 Meter ass et méiglech eng Standplaz vun 2 x 3 Meter ze lounen (kascht 25,00 EUR).
- Aschreiwungstax ass 10,00 EUR (0,00 EUR wann alles spéitstens 10 Deeg no der Confirmatioun iwwerwisen ass).
- De Maart fënnt nëmme bausse statt, duerch ganz Reimberg (d'Duerf ass fir d'Autoe gespaart wärend dem ganzen Dag).
- Stéchdatum fir d'Kautioun an d'Standgeld ze iwwerweisen ass den 01.05.

- Souwuel d'Kautioun vu 50,00 EUR, wéi d'Standgeld vun 20,00 EUR an d'Primm fir ze schaffe vu 50,00 EUR d.h. 120,00 EUR ginn Owes no dem Maart ausbezuelt.
- D'Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl huet d'Recht wärend deem Dag all Ausstelle, den sech net un d'Reegelen hält, vum Maart auszeschléissen, (Bei engem Ausschloss ass och all Remboursement hifälleg).

Wann Är Umeldung ugeholl ginn ass, gëtt eng Confirmatioun gemailt.
D'Umeldung ass definitiv, soubal Standgeld an d'Kautioun iwwerwise gi sinn.
Duerch d'Iwwerweisung sinn automatesch d'Konditioune vum Maart souwéi d'internt Reglement vun HOBBYKL acceptéiert.

Wann dëse Maart Iech interesséiert, da mailt eis den Umeldungsziedel bis spéitstens den 20.04. op info@hobbykl.lu.

Eng Reunioun mat den Aussteller ass fir den 29.04. geplangt.

Falls nach zousätzlech Froe sinn, da schéckt w.e.g. eng Email oder rufft un um Telefon 00352 26 33 19 71 oder um 00352 621 266 108.

Team HOBBYKL